



N°7470  
Entrée le 13.01.2023  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 16.01.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Administrativ Reform, Aussenugeleeënheeten an Europa & Justiz weiderzeleeden.**

Bei der physescher Ulafstell vu guichet.lu kënnen Biergerinnen a Bierger verschidden Demarchen a Presenz erleedegen, zum Beispill fir eng Carte d'Identité oder de Führerschäin ze wiesselen oder sos eng Informatioun am Bäisinn vun enger Kontaktpersoun z'erhalen. Am Fall, wou een d'Carte d'Identité wiesselt, soll et net méiglech sinn, fir dës Démarche mat Boergeld ze bezuelen. Enger Etüd vum Luxembourg's Fintech Innovation Hub aus dem November 2021 no ass d'Bezuele mat Boergeld nach ëmmer déi drëttbeléiftste Bezuelmethod zu Lëtzebuerg.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Stëmmt et, dass een net mat Boergeld um Guichet an der Stad bezuele kann.  
Falls jo, firwat gëtt dës Bezuelmethod net ugebueden a wéi kënnt een de Persounen entgéint, déi keng Bankkaart hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)